# PLAN D'ÉTUDES
# NEWS

Editioun vum Dezember 2023

## Häerzlech wëllkomm!

Mir freeën eis, Iech an eiser éischter Newsletter iwwert déi neisten Entwécklungen am Projet Plan d'études 2025 ze informéieren!

## An dëser Editioun

- E Réckbléck op d'Presentatioun vum Whitepaper mat de grousse Linne fir den neie Plan d'études.
- D'Aarbechtsfelder fir déi nächst Méint: Gitt méi gewuer zu der Rumm, dem Inhalt an der digitaler Plattform!

## Presentatioun vum Whitepaper

Den 3. Oktober 2023 gouf am Forum Geesseknäppchen de Whitepaper presentéiert mat de grousse Linne fir den neie Plan d'études 2025. An engem grouss ugeluechtene Consultatiounsprozess vu Februar 2022 bis Abrëll 2023 war mam Bildungsberäich, den Elteren an de Kanner iwwer en neie Plan d'études diskutéiert ginn. Dëst war d'Basis fir de Whitepaper, deen an den zwou Sprooche Lëtzebuergesch a Franséisch publizéiert ginn ass.
D'Presentatioun vum Whitepaper an de Link zum Dokument fannt Dir hei.

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

# Abléck an déi dräi grouss Aarbechtsfelder

## Rumm

Dëse Wanter iwwer entsteet d'Rumm vum Plan d'études. Aktuell ginn d'thematesch Bausteng fir dëst iwwergeuerdnet Gerüst vum Plan d'études festgeluecht a konkret weiderentwéckelt. Als éischt wäert d'Rumm fir d'Léierpersonal an d'edukatiivt a psychosoziaalt Personal aus dem Enseignement fondamental geschriwwe ginn, duerno wäerten och d'Versioune spezifesch fir d'Elteren an d'Kanner entstoen.

## Inhalt

Vum Schouljoer 2024/25 u schaffen Aarbechtsgruppen um Inhalt vum neie Plan d'études. Aktuell gëtt determinéiert, wéi d'Aarbechtsgruppe wäerte funktionéieren an opgestallt ginn.
Den neie Plan d'études wäert mat a vun Akteure vum Terrain ausgeschafft ginn.

## Digital Plattform

Wann den neie Plan d'études am Schouljoer 2026/27 an d'Grondschoule kënnt, ass seng digital Plattform e wichtege Kontaktpunkt fir d'Léierpersonal an d'edukatiivt a psychosoziaalt Personal aus dem Enseignement fondamental a fir d'Elteren an d'Schüler.

D'Plattform vum neie Plan d'études soll Informatiounen an Iddie bidden. Si soll en dagdeeglechen an onkompliziéierten Outil fir den Enseignant ginn. Aktuell ginn d'Funktionalitéite vun der Plattform definéiert. Den Austausch mat potentiellen Entwéckler huet ugefaang.

## Save the date!

Wiert Dir interesséiert drun, an den Aarbechtsgruppe vum neie Plan d'études matzeschaffen? Dann notéiert Iech dës Datumer vun den **Infoveranstaltungen:**

- Do., 11.01.2024 um 14h30 am Forum Geesseknäppchen,
- Mé., 15.01. ab 17:00 online via Teams

## Abonnéiert Iech!

Dir wëllt weiderhin iwwert dëse Projet informéiert bleiwen? Abonnéiert Iech hei!
Fir weider Informatiounen: www.curriculum.lu.
Kontaktéiert eis ënner: curriculum@script.lu.